N° 7181
Entrée le 15.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

De Wunnengsbauminister huet 2022 d'Zuelen zur Gestion locative sociale (GLS) presentéiert. 2018 ware 714 Wunnengen iwwert de GLS verlount, 2021 waren et 1073. Et hunn 37 Partner bei der GLS matgemaach, dorënner ASBLen, Fondatiounen, Sozialämter, Gemengesyndikater a Gemengen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Huet de Minister Zuelen doriwwer, wéi sech d'Demande vun der GLS an de leschte 5 Joren entwéckelt huet?
   Wéi hu sech zum Beispill d'Waardeléschten tëschent 2017 an 2021 entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten